LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°6541 vum 26. Juli 2022 vun den éierewäerten Deputéierten Här Michel Wolter a Madamm Martine Hansen iwwert „Occupation de la forêt de Bobësch "**

D'Bëschbesetzung am Bobësch gëtt als Protestaktioun gesinn, als Manifestatioun zur Meenungsäusserung an domadder als Ausdrock vun der *„liberté de manifester ses opinions"*, wéi se am Artikel 24 vun der Constitutioun verankert ass.

D'Aktivisten hunn am Virfeld keng Autorisatioun beim Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable ugefrot. Et ass och net ersichtlech, ëm wéi en Typ vun Autorisatioun et sech dobäi hätt kënnen handelen. D'Protestaktioun am Bësch ass weder eng „*manifestation sportive*", nach sinn „*instruments sonores*" benotzt ginn, nach ass déi Aktion als „*activité de loisir susceptible d'avoir une incidence sur l'environnement naturel* » ze gesinn.

Déi virsichteg Virgeeënsweis vun den Agenten vun der Natur- a Bëschverwaltung war an dësem Fall ugepasst a verhältnisméisseg.

Bei der Protestaktioun ass kee Schued um Oekosystem Bësch entstan.

Lëtzebuerg, den 19. August 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung